FGFC TICE
Groupement d'intérêts
Personnel du Transport Intercommunal
du Canton d'Esch-sur-Alzette

www.facebook.com/fgfctice

# Dem TICE seng Zukunft aktiv matgestalten
# D'FGFC hëlt Verantwortung a polemiséiert net

D'FGFC reagéiert net op populistesch Aussoen oder perséinlech Attacken, well et kee virubréngt. Eis Prioritéit ass d'TICE Personal vun deenen dräi Departementer. Mir goufen am Mee 2022 demokratesch gewielt, an hunn deemno vum Personal de kloren Optrag kritt, fir déi nächst 5 Joer d´Interête vum Personal ze vertrieden!

D'Personalvertriedung steet viru groussen Erausfuerderungen: D'Schichten, de Congésystem an d'Aarbechtskonditioune vum Fuerdéngscht an dem Atelier mussen nei organiséiert ginn. An der Administratioun muss garantéiert sinn, dass den TICE iwwert déi nächst Joren optimal opgestallt ass, dofir hu mir an deem Sënn een Audit gefrot. Elo wou kloer ass, wat den TICE nach an Zukunft wäert fueren, huelen dräi FGFC-Delegéiert un engem spezifeschen Aarbechtsgrupp mam Mouvement deel, fir déi néideg Restrukturatiounen auszeschaffen. Duerno ginn déi respektiv Zenarien der Personalvertriedung presentéiert wou och d'Personal duerch Ëmfroe mat abezu gëtt.

Dës Aarbecht ass zäit- a kraaftintensiv. Mir wëllen eis Energie net mat irreféierender Kommunikatioun oder polemeschen Debate verschwenden. D'FGFC mécht keng falsch Ënnerstellungen, mee schafft seriö a konstruktiv fir d'Personal.

*E puer Fakte wou trotzdeem musse kloer gestallt ginn ouni ee wëllen unzegräifen:*

- *D'FGFC ass eréischt zënter Mee 2022 an der Majoritéit um TICE, virdru war et een 3/3 (FGFC/OGBL)*
- *D'Fuermaterial gëtt an der Commission Technique getest, d'Decisioun wéi vill Busser kaf ginn oder wéi een Typ vu Bus ass eng reng politesch Decisioun.*
- *D'FGFC ass eréischt zënter 5 Joer an der Commission Technique vertrueden, virdru war dëse Posten vun de Kolleege vum OGBL besat.*
- *D'Personalvertriedung entscheet net iwwer de Patrimoine vum TICE a konnt de Verkaf un d'Südspidol net beaflossen, mee huet ëmmer erëm op de Plazmangel a Reunioune mam TICE-Bureau higewisen, wat a Rapporten erëm ze fannen ass.*
- *Wat d'CDD'en ugeet, hu mir ëmmer gewarnt, dass keng Garantie besteet, all Mataarbechter kënnen ze halen, wat sech leider bestätegt huet. Wann den Transportministère an déi aner Gewerkschaft hir Verspriechen agehalen hätten, kéinte méi Leit haut en CDI kréien. Fir eis als FGFC gehéieren och eis CDD´en zum TICE-Personal!*
- *D'FGFC setzt sech fir fair a nohalteg Aarbechtskonditiounen an an net fir polemesch Debatten. Eis Energie geet dohin, wou et wierklech eppes bewierkt – fir d'Personal vum TICE!*

*Är FGFC-TICE Sektioun*